

PRAKTESCH INFORMATIUNEN FIR EMPLOYEUREN

Muss eng Struktur Stagiairen ophuelen?

Nee. Et kann awer fir d'Strukturen e Virdeel sinn, zumols wann sie ënner Personalmangel leiden.

Wéi gött den Encadrement opgedeelt ?

Et gi keng formal Regeln dozou. Wann et machbar ass, wieren 4 Stagiairen fir 1 Tuteur passend.

Wéi vill Stagiaire kann eng Struktur maximal ophuelen ?

Do sin keng Grenzen gesaat, d'Strukture mussen allerdéngs versécheren, datt d'Stagiairen encadréiert ginn an eppes léieren.

Kann eng Struktur a puermol de selwechte Stagiairen empfaangen?

- Am 2. Joer kënnen déi zwee Stagen an der selwechter Struktur gemaach gin.
- Am 3. Joer mussen déi zwee Stagen an der selwechter Struktur gemaach gin.

OPGEPASST : Et geet net déi 5 Stagen an der selwechter Struktur ze maachen.

Watt ass den Impakt op den RTT (Encadrement, Elaboratioun vum Projet de Stage, etc.) ?

D'Stagiaire mussen mat an den Alldag agebonne ginn. Mir empfeelen, datt den Tuteur sech all Woch 2 Stonne mam Stagiaire zesumme setzt fir d'Reflektioun ze maachen.

Gëtt et am Lycée Kontaktpersoun fir d'Stagen?

All Stagiaire huet säin Enseignant de référence.

DEN TUTORAT

Gëtt d'Formation vum der Chambre des Salariés organiséiert?

D'Formation gëtt iwwert d'House of Training organiséiert :

[Formation pour tuteurs dans le cadre de l'apprentissage en entreprise | House of Training](#)

No dem Artikel 2 Punkt (1) vum Règlement grand-ducal fixant les modalités pour accorder le droit de former, ass et méiglech eng Dispens zu erhalen.

[Règlement grand-ducal du 3 août 2010 fixant les modalités pour accorder et retirer le droit de former un apprenti.](#)

Wat sinn déi richteg Demarchen?

D'Demande fir d'Dispens muss an der Chambre de Commerce agereecht ginn. Sie decidéiert ob d'Dispens bewëllegt gëtt oder net.

WICHTIG : d'Dispens gëllt nëmme fir en Deel vum der Formation, nämlech de pedagogeschen Aspekt. Wat d'Evaluatioun vum der Kompetenzen ugeet, muss een un der Formation deelhuelen (+/- 1,5 Deeg)

Ass et méiglech schon Stagiairen ze empfänken, wann d'Tuteuren nach mat der Formation amgaangen sinn?

Jo. Den Tuteur muss awer un der Infosessioun (2-3 Stonnen) deelgeholl hunn, déi vum Ministère organiséiert ginn ass. D'Formation vum der Chambre de Commerce kann dono kommen.

Gëtt d'Formation um Decompte ugerechent?

Jo. D'Formation gëtt ugerechent.

Muss den Tuteur am Kontakt mam Lycée stoen? Wann jo, wéi oft a wéi soll dat strukturéiert sin?

Den Enseignant kënnt dréimol an de sechs Woche laascht. Do kann en och kuerz den Tuteur kenneléieren. Kontaktdate stinn och am Carnet, falls doriwwer eraus en Kontakt néideg wier.

DEN STAGE

Mussen d'Schüler selwer de Stage sichen oder sinn d'Strukturen dofir zoustänneg, de Schüler ze kontaktéieren ?

An hirem Modüll iwwert d'Kommunikatioun steet aktuell schonn d'Bewerbung um Programm. De Schüler muss selwer no engem Stage sichen.

Ginn d'Stagë remuneréiert ?

D'Stagë ginn net remuneréiert.

Wat sinn d'Contenue vum Stage ? Gëtt et obligatoresch Punkten, déi mat de Schüler traitéiert mussen gin ?

De Stage ass en Modüll fir d'Schüler, duerfir sinn och Kompetenzen ausgeschafft ginn, op déi se bewäert ginn. An dem Zesammenhang hunn se Aufgaben ze erfëllen an ze dokumentéieren. Dat steet alles am Carnet de Stage.

Mussen d' Schüler hiren Stage a verschidde Beräicher maachen, mat verschidde Rollen an Themen ? (Zum Beispill : als Observateur, als Encadrant, fir op engem Projet ze schaffen) ?

Den éischte Stage ass fir se all am SEA Beräich. Fir de Stage am 2. Joer sollen se d'Zilgrupp wiesselen (aner Alter vun Adressaten, AEF-Beräich, etc.).

Am drëtte Joer steet hiren Endprojet vun der Ausbildung an der Relatioun mat de Stagen, duerfir sollen se sech do déi Zilgrupp sichen, wou se sech am wuelste fillen.

Däerfen de Schüler eleng ee Grupp encadréieren? Wann jo, wat sinn d'Bedingungen ?

D'Schüler sollen am Alldag matschaffen a kënnen am Laf vun de sechs Wochen natierlech konkret Aufgabe kréien. Et ass lo net virgesinn, dass se zum Beispill eleng bei engem Grupp sinn oder eleng mat Adressaten anzwouschhin ginn.

DEN STAGIAIRE

Bei widderhuelten oder onbegrennt Absencen, kënne speziell Moossname geholl ginn?

Bei all Absence muss d' Schoul informéiert ginn an et d'Absencen gett och op der Zensur notéiert.

De Stage gëtt herno vum Office du Stage "evaluéiert" (nodeems den Tuteur seng Bewäertung matgedeelt huet) an do ka festgehale ginn, dass ab engem gewësse Seuil vu Stonnen, déi mussen nogeschafft ginn.

De Ministère stellt nach Richtlinnen zesummen, esou dass iwwerall déi selwecht Reegele gëllen.

Huet den Stagiaire een Recht op gratis lessen?

Een Recht dorop gëtt et net, allerdéngs ass et esou, dat et gratis ass, wann se mat den Adressate matiessen.



FEDAS
LUXEMBOURG

**Fédération des acteurs du secteur
social au Luxembourg asbl**

4 rue Joseph Felten

L-1508 HOWALD

+352 46 08 08-1

fedas@fedas.lu

www.fedas.lu

